

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister, den Här Bausseminister an den Här Minister fir Economie weiderzeleeden.


Déi bausepolitesch Bezéiungen zu der Volleksrepublik China ginn international ëmmer méi kontrovers diskutéiert, dat och an der EU, wéi beispillsweis déi rezent Entwécklungen ëm eng *de facto* diplomatesch Verriedung vun Taiwan a Litauen weisen. Dës Diskussiounen stellen a viller Hisiicht eng logesch Konsequenz vum Opstig vun der Volleksrepublik zu enger ekonomescher a militärescher Weltmuecht, wéi mir et soss aktuell just vun eisem NATO-Partner, de Vereenegte Staate kennen, duer. Schliisslech dréckt sech den neie Pouvoir vun der Volleksrepublik zum engen och an der Deelkontroll iwwer ëmmer méi Liwwerketten duerch Betriversverlagerung aus. Zum aneren an der Participatioun un ëmmer méi Schlëselinfrastrukture vun an anere Staaten, dat ënner anerem och am Kader vun der sougenannter "neier Seidestrooss". Sou ass beispillsweis aus der ursprénglech reng kommerzieller Bedeelegung um Hafe vun Athen och eng militäresch Bedeelegung erwirgaangen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) A menger Fro Nummer 2897, déi ech zesumme mam honorablen Deputéierte Roy Reding gestallt hat, hat ech d'Regierung am Zesammenhang mat eisen ënnerschiddlechen, ekonomesche Kooperatiounen mat der Volleksrepublik ënner anerem och gefrot, wéi wäit ëffentlech Entrepreneuren am Besëtzt vun der Volleksrepublik zu Lëtzebuerg u Schlëselinfrastrukturen oder Betriber aus dem Beräich Transport, Energie an Telekommunikatioun bedeelegt sinn. Leider ass d'Regierung op dee Punkt net agaangen, firwat ech meng Fro heimat nach eng Kéier widderhuelen.
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren a wéi enge Beräicher d'Economie vu Lëtzebuerg méttlerweil zwéngend op Zouliwwerer aus der Volleksrepublik ugewisen ass, well keng Ubidden méi aus anere Länner zur Verfügung stinn oder well déi déi néideg Quantitéiten net eleng kënnen liwweren?
- 3) Kann d'Regierung, ënner dem Respekt vun där sécherheetspolitesch gebuedener Diskretioun elaboréieren, ob, a wa jo a wéi engem Mooss, Lëtzebuerg bei der Beschaffung vu militäreschem Equipment, inklusiv den Ersatzdeeler an de Batterien, op Zouliwwerer aus China ugewisen ass?
- 4) 2019 gouf de Beetebuerger Logistikzentrum déi éischte Kéier direkt vun engem Gidderzuch aus der Volleksrepublik ugefuer. Ass dës Verbindung nach aktiv? Wa jo, kann d'Regierung elaboréieren, wéi een ekonomeschen Notzen eis Land bis lo aus dëser Eisebunnsverbindung gezunn huet a wéi d'Kompetitivitéit vun dëser Verbindung sech vis-à-vis vun den Transportlinnen Lëtzebuerg-Volleksrepublik

China, vun der Cargolux presentéiert? Huet déi Zuchverbindung während der COVID-Kris iergend eng logistesche Bedeitung gehat? Wéi eng Bedeitung huet de Logistikzentrum Beetebuerg nach am Hiberéck op China, besonnesch an der Konkurrenz zu anere Stied, wéi zum Beispill Léck?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten